

# NATIVE VILLAGE NEWS

MÄERZ 2023

## Léif Guiden, Scouten a Frënn vum Native Village Neihaischen,

No engem flotten an intensiven Guide/Scoutsjoer 2022 mat Héichpunkte wéi dem SIL Event "Meet the Chef Scout", eisem Workingcamp, der Formatioun Outdoor-Kichen, de Workshops um Chefdag zu Ettelbréck, eisem traditionellen Wëldiessen an eiser 9. Editioun vum Bealtainefestival war de Kalenner d'lescht Joer gutt gefällt. Ofgeschloss gouf eist Joer mat engem fantasteschen Segelcamp fir d'Ekipp Native Village op der Dageraad an Holland. Op den nächste Säiten weise mir iech e puer Photoen vun all dësen Aktivitéiten.



Komm mat!  
ass och  
2023 de  
Mot d'ordre  
vum  
Verband.  
Am drëtte  
Joer  
erliewe  
mir de  
Guidissem

a Scoutissem am Kontext vun eiser Gesellschaft. Mir setzen ons an fir all eis Matmënschen. Dëst Joer ginn dofir d'Participatioun an d'BA (Bonne Action) grouss geschriwwen.

Als Ekipp Native Village wëllen mir eis och bedeelegen, sou zum Beispill mat eisem Event „Whisky & Sound“ am Abrëll, wou den Erléis fir den Télévie, also fir d' Kriibsfuerschung, ass.

D'Aarbechten an a ronderëm d'Keltenhaus wäerten och dëst Joer een wichtege Bestanddeel vun eiser Aarbecht sinn, genau wéi d'Plangen an d'Finanzéieren vun neien Dach fir Keltenhaus. Nieft enger Cateringaktivitéit fir den Ofschloss vun der Däitschsproocheger Konferenz an der Mathëllef bei naturpedagogeschen Aktivitéiten fir Schoulklassen, hëlleft d'Ekipp awer och bei de SAFAB Aktivitéiten ënnert dem Slogan "Simply ScOUTing", déi vill gefrot sinn bei eise lokalen Guide/Scoutsgruppen. Hei sinn et Aktivitéiten Ufank Mäerz am Naturzenter Ellergronn an e Weekend am Mee um Neihaischen, ënnert dem Thema



Lëtzebuerger  
Guiden a Scouten  
Native Village



Neihaischen  
Guide and Scout Centre



## AN Dese News:

- Réckbleck 2022
- Ausbleck 2023
- Whisky & Sound
- Teraviva 2023



E gousse Merci un eis Sponsoren

lalux<sup>l</sup>

VOYAGES  
VANDIVINIT  
CROISIERE MAT C&F

BIL  
BANK  
INTERNET  
AUSWEIS

# RÉCKBLECK GUIDEN A SCOUTSJOER 2022

“Fit fir de Summercamp”.

Een vun den Héichpunkten dëst Joer ass awer sécher d’Bedelegung um nationalen AvExCamp Terraviva am Summer zu Ettelbréck. Mir organiséieren do an Escapespill “Fort Terraviva”, wou mir nach Mataarbechter sichen. Vill vun eisen Ravi- Mataarbechter hëllef en awer och an der Staffkichen um AvExCamp.

An dëser Newsletter kritt dir en Iwwerbléck vun eisen Aktivitéiten an den nächste Wochen a Méint.

Ech wënschen eis alleguer e flott, spannend, a léierräicht Guiden/ Scouts Joer 2023

Tom Lahr







## 5.3.2023: «Simply ScOUTing Spiller am Bësch»



Zesummen mat de Gruppen vun Kayl, Bieles-Zolver a Schëffleng entdecken d'Kanner spilleresch de Bësch, dëst am Naturzenter Ellergronn.

Um Programm stinn Spiller wéi Memory, LandArt, Das große Suchen, Schnëtzen, ...



## 11.3.2023: Ofschlossiessen Däitschsproocheg Scouts Konferenz DSK am Keltenhaus

D'Ekipp Native Village organiséiert d'Ofschlossiessen vun der DSK am Keltenhaus.

## 05.-7.4.2023: Workingcamp Native Village

De Working-Camp an der Ouschtervakanz ass e festen a wichtegen Datum ginn an onsem Kalenner. Et ass e wichtegen RDV fir eis, wou mer kleng a gréisser Entretiensaarbechten am Keltenhaus an um Site maachen. Um Programm stinn: Brennholz maachen, Hieselter schneiden, Schwaarten fir Terraviva preparéieren, Fléckaarbechten, ...  
Umeldung via: [neihaischen@lgs.lu](mailto:neihaischen@lgs.lu)



Zum Ofschloss vum Working Camp invitéiert d'Ekipp Native Village op eng Mataarbechterfeier fir de Bealtaine. Verbanne wëlle mir dëst mat engem Event „Whisky & Sound“ fir de gudden Zweck. Mir invitéieren an Zesummenaarbecht mat The Luxembourgish Cask Selektioun an den Rambling Rovers op a Whisky & Sound Owend, Freides, den 7. Abrëll 2023 an d'Keltenhaus um Neihaischen. Den Erléis ass fir d'Aktioun Télévie.



## Whisky & Sound

07.04.2023  
am Keltenhaus

Lëtzebuurger Guiden a Scouten invitéieren an Zesummenaarbecht mat The Luxembourgish Cask Selektioun an Rambling Rovers op a Whisky & Sound Owend, Freides, 07.04.2023 an Keltenhaus/Neihaischen. Den Erléis ass fir Aktioun Televie

Ab 19h00 - 01h00

Adress: 1, rue principale L-5290 Neihaischen

### Programm:

Mir bidden dien Owend verschidde Participatiounsformulen un:

- Formule Grand Public «only Sound » 8€ Entrée
- Formule Mataarbechter Bealtaine «only Sound» Gratis  
(weinst dem Parking um Neihaischen an der Organisatioun w.e.g umellen via: [neihaischen@lgs.lu](mailto:neihaischen@lgs.lu))
- Formule Mataarbechter Bealtaine „Whisky & Sound“ 35€  
(Degustatioun vu 5 verschiddene Whisky mat gratis Entrée) Reservatioun: [neihaischen@lgs.lu](mailto:neihaischen@lgs.lu) bis spéitstens 3.4.2023



lessen a Gedrénks gët sur place verkaaf Tombola mat flotte Präisser

### Parking :

Um Neihaischen sinn Parkplazen limitéiert.

Am 10 MinutenTakt fiert eng gratis Busnavette vum Campus an der Dällt Munsbach op Neihaischen.



E gousse Merci un eis Sponsoren:



## 27. – 28.05.2023: Simply ScOUTing Weekend „Fit fir de Summercamp“ um Neihaischen

Dëse Weekend gëtt organiséiert vum SAFAB mat der Hëllef vun der Ekipp Native Village, wou mir de Cheffen an de Jonken eng Partie praktesch Workshops ubidden.



Um Programm stinn:

- Wat gehéiert alles an Patroullekescht?; Wéi een Kachmaterial huelen ech mat?; Kenneléieren an Ausprobéieren vun neie Materialien...
- Nei a flott Menüer fir um Feier ze kachen
- Wéi schaffen a fleegen ech meng Axt, See a Messer?
- Wéi eng Kichekonstruktiounen kaan een bauen?
- Zelter oprichten a kontrolléieren
- Vill praktesch Tips zum Camp



## 17. – 27.7.2023: „Fort Terraviva“ um nationalen AvExCamp „Terraviva“ zu Ettelbreck



No der Annulatioun wéinst COVID, organiséieren d'LGS endlech de groussen nationalen AvExCamp „Terraviva“ zu Ettelbréck hannert der Däichhal, dëst vum 17. – 27. Juli 2023.

Escape Spill, wou e groussen Escape Room gebaut gëtt. Den Numm vun eisem Spill heescht „Fort Terraviva“ a behandelt déi 4 Elementer vum Camp. Den Numm „Fort“ steet fir de Raum, wou während engem ganzen Dag ongeféier 120 AvEx flott a spannend Abenteuer; Aufgaben a Rätsel musse léisen. Beim „Fort“ inspiréiere mir eis um „Fort Boyard“, enger Sendung op der franséischer Télé.

Jo, dir hutt richteg verstane, mir probéieren eng Festung als Escape Room ze bauen.

### D'Infrastruktur vum Fort „Terraviva“:

Dëse Fort, deen mir fir de Camp aus Holz, Paletten, Juchten,... bauen, gëtt vum 13. bis de 17. Juli 2023 opgeriicht.

Ofgerappt gëtt eise Fort vum 27. – 30.7.2023.



Fir des „verreckten Iddien“ brauche mir natierlech vill a guutt Leit; also DECH

### Wou genau brauche mir Hëllef?

- Mir brauchen Leit, déi punktuell beim Opriichten/Ofriichten an/oder während dem Camp dobäi sinn. Jiddereen ass also wëllkomm; punktuell; während eenzel Deeg oder de ganze Camp

Fir dëse Projet unzegoen, ass et wichteg mat Zäit ze wëssen, weivill Mataarbechter mir hunn.

Falls du elo interesséiert bass, dann mell dech w.e.g sou schnell wéi méiglech beim Tom Lahr per E-Mail [tom.lahr@lgs.lu](mailto:tom.lahr@lgs.lu) un.



## BEALTAINE 2022







[www.nativevillage.lu](http://www.nativevillage.lu)



[www.bealtaine.lu](http://www.bealtaine.lu)



[neihaischen@lgs.lu](mailto:neihaischen@lgs.lu)



<https://www.facebook.com/nativevillage.neihaischen>

# AGENDA

27.- 29.1.2023	Wildnispädagogiktreffen am Keltenhaus
5.3.2023	Simply ScOUTing Journée am Ellergronn +/- 50 Wëllefcher vun Bieles, Schëffleng a Kayl
11.3.2023	Ofschlossiessen DSK (Däitschspracheg Scouts Konferenz am Keltenhaus)
5.-8.4.2023	Working Camp Native Village
27.-28.5.2023	Simply ScOUTing Weekend „ Fit fir de Camp” Neihaischen
20.6. - 5.7.23	Schoukllassendeeg um Neihaischen
13.- 17.7.2023	Oprichten Fort Terraviva
17. - 27.7.2023	Nationalen AvExCamp Terraviva
26.-31.7.2023	SAFAB Wëllefchercamp zu Bilschdref
23. - 24.9.2023	LGS Kongress a Chefdag um Kiem
8.10.2023	Pilzseminar um Neihaischen
3. + 4.11.2023	Wëlidiessen am Keltenhaus

## **Impressum:**

Texter: Tom Lahr

Fotoen: Tom Lahr, Nativ Village

Layout: Marc Sinner

## **Adress:**

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Native Village

1, rue Principale

L-5290 Neihaischen

**Tel:** +352 357645

**Fax:** +352 26352166

**Mail:** [neihaischen@lgs.lu](mailto:neihaischen@lgs.lu)

BIL : LU42 0020 1828 0207 8500



lalux<sup>l</sup>

VOYAGES  
VANDIVINIT  
LES CRÉATEURS DU C&P

BIL  
MAISON INTERNATIONALE  
D'ÉCHANGES